la Sortie du Jambonneau

la Strange an den Ardennen

Haut Samsdes den 8. November haten 19 Memberen vum Fly Fishing Club aus Lëtzebuerg sech op den Weë an déi belsch Ardennen gemeet fir um Séi vun la Strange déi traditionell " Sortie du Jambonneau " ze zelebréieren, dat kléngt villäicht ee bëssen déck opgedroën, mée déi Memberen déi sech all Joërs op een Neist um Jambonneau moossen wëssen dass dës Sortie unsech net aus eisem Kalenner eweg ze denken ass. Ouni ze iwwerdreiwen woën ech ze soën dass et bei dëser Sortie zeguer an der Haaptsaach ëm den Jambonneau geet, mée ewell esou éng Héiss eemol fir d´éischt muss erschafft gin, huelen mir dann och déi schwéier Konditiounen déi d´Méckenfëschen op dësem Séi bid op eis. Esou sin dun Moies lues a lues een Fëscher nom Anneren angetraff fir sech dëser Erausfuerderung ze stellen. Besonnesch mid hun heibäi den Patrick Scheid, den Patrick Bartholmé an den Gilson Mich geschéngt, woren Sie dach um Virowend invitéiert op déi alljäehrlech Sportleréierung vun der FLPS ewell Sie am Laaf vum Joër am Kader vun der Nationaléquipe zesummen mat eisen Memberen Claude Huss an Strotz Claude eis Farwen bei der WM an der tschechescher Republik vertrueden haten an natirlech sin mir als Club ganz houfreg doriwwer Sie an eisen Reihen zielen ze kënnen.

Séier ass sech an Schuel gehäit gin an heibäi ass et ewei ëmmer ganz lëschteg zougaangen, natirlech sin schon heibäi déi éischt Räibergeschichten opgedëscht gin an dobäi kënnt och natirlech d´Gestëppels an d´Jwwerdreiwen net ze knapps,

jee alt Fëscherlatäin. Dat gehéiert allerdéngs och onbedéngt dozou an dréiht weesentlech zu der gudder Stëmmung ënnert eis Fëscher bäi. Hei gin dann och niewend deem éngen oder annerem gudd geméngten Rot och déi beschten Mécken ënnert eneen ausgetosch. Esou hun mir eis dun op den Weë op den Parcours gemeet ewou mir déi Kollegen begréissen konnten déi schon ganz fréih den Weë bei d´Waasser fond haten.

Erstaunlecher Weis sin Moies nawell Fësch gefaangen gin an dat op ganz ënnerscheedlech Art an Weis´en, déi Éng hun mam Blop ganz lues iwwert den Fong eran gezun hir Fësch gefaangen ewoubäi déi Anner éischter op Nymphe a vue gesat hun an erëm Annerer et zeguer mat drechenen Mécken probéiert hun. Alleguer hun hir Fësch gefanngen an dem Jemp wor den Fësch vum Dag vergönnt. Hien huet mat éngem Huesenouër Streamer een décken Kaarp gefaangen wat ëmsou verwonnerlecher wor, hat Hien dach nach Nie een Kaarp gefaangen, mée éiert den Kaarp am Kescher wor hat Hien awer fir d´éischt eemol ee puer dramatesch Momenter ze erdroën. Esou huet nodeems Hien den Fësch schon éng gudd Zäit gedrillt hat a bee mol den Zoch op der Schnouër nogeloos an den Jemp hat schon geméngt den Fësch wär verluer gaangen. Dësen wor awer nëmmen op Hien duur geschwommen an wor dobäi natirlech duurch dem Luss séng Schnouër geschwommen, deen séng Staang niddergeluecht hat fir dem Jemp ze hëllefen, an hat dës matgeschleeft. Net genuch domader hat dem Jemp séng Schnouër sech och nach am Seel verfaangen mat deem den Ponton op deem Hien stung befestegt wor. Hien hat et awer fäerdeg bruecht säin Kaarp ze kescheren an d´Freed wor duerno natirlech ëmsou grouss, séier ass déi éng oder anner Foto gemeet gin an schon wor den Kaarp erëm schounend an d´Waasser zeréck gesat. Dat hät den Jemp sech sécher Moies net erdreemen geloos, woren séng Ambitiounen dach éischter ganz bescheiden ausgefall an dat huet och erëm gewisen dass een beim Méckenfëschen Nie wees ewei den Dag zu Enn geet.

No esouvill Opreegung ass et dun endlech op den Kascht gaangen. Mat rouden Baacken an voll freedeger Erwuardung hun mir eis nom Apéro ungesat an mir sollten net enttäuscht gin. Den Jambonneau wor ewei ëmmer net ze knapps ausgefall an och Fritten an Zalot goufen räichlech duurgereecht. Mir hun eis dun och eis Héiss gudd schmaachen geloos an et ass mat Sécherheet Keen hongreg vum Dësch gaangen. Beim Jambonneau hat den Patrick sech awer besonnesch hervir gedoën an Hien, als Mann aus dem Norden, hat eis Minettsdäpp eemol gewisen ewei esou éng Héiss wirdeg vernicht gët.

Mëttes ass et dun ofschléissend nach ee bëssen fëschen gaangen ewoubäi et ewei ëmmer Mëttes erëm besonnesch schwéier wor sief et wëll d´Fësch net méi gebass hun an awer och ewell mir villäicht ee bëssen zevill gebass haten. Jee een flotten Dag wor erëm zu Enn gaangen an mir haten vill Freed bei richtegem Novemberwieder, mée och dat huet säin Charme an elo freën mir eis schon op eis lescht Sortie vum Joër ewou et eis ewei ëmmer zum Ofschloss nach éng Kéier op Sommedieue verschléit ewou mir dëst Joër gemitlech ausklengen loossen.

Canon